



Milliounen zougesprach. Op Enn 2014 louchen d'Ausgabe bei ronn 32,1 Millioun, wat enger Hausse vun 8,98% par rapport zum Rechnungsjoer 2013 an 2.650.000 Euro entsprach huet. Gi mir awer dohin a rechnen 1.622.000 Euro vun der Wahlcampagne of, da gesäit d'Bild schonn e bëssen anescht aus. Am Endeffekt handelt et sech ëm eng Augmentatioun vun den Ausgabe vun 988.000 Euro, wat enger Hausse vun 3,35% entsprécht.

Bei der Indemniséierung vun den Deputéierte stellt een eng Differenz vun 886.000 Euro par rapport zu 2013 fest, wat enger Hausse vun 8,24% entsprécht. Dës Hausse huet awer domat ze dinn, datt am Joer 2013 opgrond vun de virgezunnen Neiwahlle manner Aktivitéit an der Chamber wor.

D'Compte-rendue schloen am Joer 2014 ëm 324.000 Euro méi zu Buch wéi 2013.

D'Frais de route et de séjour fir international Reunionen, déi natierlech a Fonctioun vun der Zuel vun de Participantë sinn an awer och vun der Plaz ofhänken, wou dës Reunionne stattfannen. Dës Fraise si vun 265.000 op 338.000 Euro an d'Luucht gaangen.

D'Frais de fonctionnement sinn ëm 1.433.000 Euro méi niddreg ausgefall, wéi de Budget et virgesinn huet. Hei konnte verschidde Projeten net realiséiert ginn, goufen awer op 2015 reportéiert. D'Fonctionnementskäschten op der Clôture 2014 leien ëm 238.000 Euro méi niddreg wéi am Joer 2013 an ëm 67.000 Euro méi niddreg wéi 2012.

Hëlt een de Crédit voté, esou goufen 2,5 Milliounen manner ausgi wéi virgesinn. Dëst entsprécht engem Taux vu minus 7,23%.

De Budgetsiwwerschoss vun 2,5 Milliounen suergt derfir, datt d'Reserven op den 1. Januar 2015 sech op 8,4 Milliounen belafen. Heivu mussen awer 588.000 Euro ofgerechent ginn, woubäi et sech ëm Engagementer handelt, déi op d'Buchungsjoer 2015 reportéiert goufen. D'Reserve belafe sech also realistesch op 7.824.000 Euro.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Spezialkommissioun à l'unanimité an de Réviseur d'entreprises Deloitte sinn der Meinung, dass d'Konte vun der Chamber an der Rei sinn. Domadder géif ech lech alleguerte bieden, d'Konte vum Exercice 2014 guttzeheeschen.

Ech wéilt dem Bureau an all de Mataarbechter vun der Chamber awer och gär ee grouse Merci soe fir hir gutt an exemplaresch Aarbecht.

Am Numm vun der CSV-Fraktioun ginn ech selbstverständlech den Accord zu dësem Rapport a géif och déi aner Fraktiounen a Sensibilités politiques bieden, datselwecht ze maachen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an iwwerreechen dem Chamberspresident och dës Resolutioun.

Merci.

#### Résolution

*La Chambre des Députés,*

*vu le rapport de sa commission des Comptes,*

*approuve les comptes de l'exercice 2014 et*

*prie son Président de transmettre la présente résolution et le rapport de la Commission des Comptes à la Cour des Comptes pour y être enregistrés.*

(s.) Marc Lies.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci villmools dem Här Rapporteur. Ech probéieren elo emol eppes: Wann dat geneesou ass, wéi den Här Rapporteur gesot huet: Sidd Der dermat d'accord, dass jiddwereen dermat d'accord ass?

(Assentiment)

An dass mer net méi brauchen dat nach eng Kéier ze soen a mer kënnen direkt zur Resolutioun iwwergoen?

► **Plusieurs voix.**- Jo. Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- An da froen ech lech, ob der dermat d'accord sidd, fir à main levée doriwwer ofzestëmmen?

(Assentiment)

#### Vote sur la résolution

Wien also mat dem Rapport an de Konte vun der Chamber fir 2014 d'accord ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen.

Dat gesäit no Unanimitéit aus. Mä ech froen awer: Wien ass dergéint? A wien enthält sech?

Unanimitéit. An hei brauch ech jo dann net d'Dispens vum zweete Vott ze froen. Merci.

Da gi mer direkt zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour iwwer. Do geet et dann ëm d'Konte vun der Cour des Comptes. An d'Wuert huet direkt d'Madamm Diane Adehm als Auteure-rapporteure vun der Resolutioun.

► **Mme Diane Adehm (CSV).**- Rapporteuse!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Rapporteuse? Rapporteuse? Mir kréie kee Sträit, gell!

(Hilarité)

Voilà !

D'Madamm Adehm huet d'Wuert.

### 10. Résolution concernant les comptes de l'exercice 2014 de la Cour des Comptes

#### Exposé

► **Mme Diane Adehm (CSV), auteure.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Cour des Comptes huet och d'lescht Joer erëm eng ganz ausgezechent Aarbecht geleescht. Si hunn hir Aarbecht souwuel op administrativem Plang ganz gutt gemaach wéi och op finanzielle Plang, well si konnten hiert Joer mat engem liichten Iwwerschoss ofschléissen. De Réviseur hat guer kee Commentaire par rapport zu hire Konten ze maachen. An duerfir géif ech lech och bieden, fir déi Konten alleguerten unzehuelen, an ech géif och eng deementspriedend Resolutioun dem President iwwerreechen.

Merci.

#### Résolution

*La Chambre des Députés,*

*- vu le rapport du réviseur des comptes de la Cour des Comptes qui estime que «les comptes annuels donnent une image fidèle du patrimoine, de la situation financière de la Cour des Comptes au 31 décembre 2014, ainsi que des résultats de l'exercice clos à cette date, conformément au référentiel comptable tel que décrit dans la Note 2 qui fait partie intégrante des comptes annuels»;*

*- vu l'accord de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire avec le rapport du réviseur des comptes marqué suite à l'analyse des comptes en question lors de sa réunion du 7 décembre 2015,*

*approuve*

*- les comptes de l'exercice 2014 de la Cour des Comptes.*

(s.) Diane Adehm.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci villmools. An ech gi jo da bal dovun aus, dass mer datselwecht nach eng Kéier kënnen maache wéi virdrun.

#### Vote sur la résolution

Ech géif da froen: Wien ass dermat d'accord? D'Géigeprouf: Wien ass dergéint? Wien enthält sech?

Unanime. An dann ass déi Resolutioun domat och ugehall.

Esou wéi den Artikel 158 vum Chambersreglement et virgesäit, gëtt dës Resolutioun un d'Cour des Comptes weidergereecht.

### 11. 6911 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2014 (suite)


An ech hat vergiess, dat virdrun ze soen: Esou wéi den Artikel 165 vum Chambersreglement et virgesäit, gëtt déi viregt Resolutioun mam Rapport vun der Kontekommissioun un d'Cour des Comptes weidergereecht.

Domat si mer um Enn vun eise Ordre du jour fir haut de Mëtten ukomm a mir gesinn eis muer de Mëtten um zwou fir de Rescht vum Ordre du jour erëm. Merci villmools.

Domat hiewen ech d'Sëtzung op.

(Fin de la séance publique à 17.01 heures)

<sup>1</sup> Principes généraux: Les comptes annuels de la Cour des Comptes sont établis par le Collège de la Cour des Comptes conformément aux principes comptables généralement admis à Luxembourg à l'exception des acquisitions en équipements et mobiliers qui sont comptabilisés directement dans le compte de revenus et charges dès la date d'acquisition, ainsi que des spécificités concernant l'exercice budgétaire et comptable du chapitre 3 de la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État.



## Sommaire

- Ouverture de la séance publique
  - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- 6779 - Projet de loi
  - relative à la protection internationale et à la protection temporaire;
  - modifiant
    - la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat,
    - la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration,
    - la loi du 28 mai 2009 concernant le Centre de rétention;
- abrogeant la loi modifiée du 5 mai 2006 relative au droit d'asile et à des formes complémentaires de protection
  - Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel
  - Discussion générale: M. Marc Spautz, M. Marc Angel, M. Gusty Graas (Mme Nancy Arendt pose une question), M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner
  - Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

- Débat d'orientation sur le deuxième rapport relatif à l'application de la loi du 16 mars 2009 relative aux soins palliatifs et sur le troisième rapport de la Commission nationale de contrôle et d'évaluation de l'application de la loi sur l'euthanasie
  - Exposé: Mme Cécile Hemmen
  - Débat: M. Jean-Marie Halsdorf, M. Alexander Krieps, Mme Josée Lorsché, M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Alexander Krieps), M. Serge Urbany, Mme Martine Mergen
  - Prises de position du Gouvernement: Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé, Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration
- 6852 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à acquérir des capacités de communications satellitaires au profit du programme «Alliance Ground Surveillance» (AGS) de l'OTAN
  - Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel
  - Discussion générale: M. Jean-Marie Halsdorf, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany
  - Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de la Défense
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Jean Asselborn, Félix Braz, Pierre Gramegna, Mmes Lydia Mutsch et Corinne Cahen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)